



Seul le discours prononcé fait foi

Fête nationale 2020

Cérémonie officielle au MNSL

Discours du président de la Chambre des députés,

Fernand Etgen

Monseigneur,

Här Staatsminister,

Excellenzen,

léif Matbiergerinnen a Matbierger,

Eisen Nationalfeierdag gläicht sech vun engem Joer zum aneren, an ass dach all Joer anescht. Wien hätt sech awer kënnen virstellen, datt et eng Kéier sou anescht géif ginn?

Datt mir haut virum nationale Monument vun der Solidaritéit stinn, seet viles aus. Mir feieren dëst Joer éischter besënnlich bei deem Monument, dat un d'Affer vum Zweete Weltkrich an un de Widderstand an d'Solidaritéit vum Lëtzebuerger Vollek géint d'Nazibesatzung erënnert.

Eise Grand-Duché gouf haart getraff vum Zweete Weltkrich. Awer eist Vollek huet sech net ënnerkréie gelooss. An dat verdanke mer ënnert anerem enger typescher Lëtzebuerger Dugend, nämlech der Fäegkeet, Solidaritéit ze weisen. Ouni déi grouss Solidaritéit ënnert de Leit wier et nit méiglech gewiescht, dës schwéier Krichszäit ze iwwerstoën.

Den 8. Mee hu mir 75 Joer Enn vum Zweete Weltkrich gefeiert. Mir hunn dru geduecht, wéi d'Leit deemools opgeotemt hunn, well si rëm a Fridden, Fräiheet an Demokratie konnte liewen. Et sinn och déi Wäerter, déi zu engem gemeinsamen Europa gefouert hunn. Fir d'Nokrichsgeneratiounen ass e friddlecht, demokratescht Liewen a Fräiheet normal ginn.

D'Geschicht ass e grousst Léierbuch a mir sinn eis an de leschte Méint erëm bewusst ginn, datt esou e fräit Liewen net selbstverständlech ass.

E geféierleche Virus huet sech queesch duerch eis Gesellschaft gefriess an d'Welt vun engem Dag op deen anere verännert. Am Kampf géint den onsiichtbare Feind hu mir eis zesummegeëdoen - mat der néideger Distanz. Mir hunn dem Virus mat Solidaritéit d'Stier gebueden.

Solidaritéit huet geheescht, sech u Reegelen ze halen an déi perséinlich Fräiheet anzeschränken. E grouse Merci fir déi enorm Disziplin beim Anhale vu Reegelen. Dat war beispillhaft!

Déi enorm Efforten a Sacrificë vun de leschte Méint hunn et eis erlaabt, de Virus a Schach ze halen. Solidaritéit heescht och, ee fir deen aneren do sinn. Solidaritéit tëscht de Generatiounen, tëscht Noperen, tëscht Frënn, tëscht Leit, déi sech mol net kennen. D'Solidaritéit vum Lëtzebuerger Vollek gëllt fir jiddwereen.

Och wa mer an engem klengen Land wunnen, beweist dat ganz vill Gréisst.

Et gëllt awer weiderhin net nëmme ganz virsiichteg ze sinn ... mee och weiderhin all déi néideg Efforten ze maachen, datt KEEN am Reen stoe gelooss gëtt. Solidaritéit ass existenziell wichteg – gëschter, haut an och muer.

Déi, déi gehollef hunn, d'Gesondheet vun eise Matbierger ze schützen, an deenen et lo dowéinst wirtschaftlech an awer och psychesch nit gutt geet, brauchen eis Ënnerstëtzung.

Dësen Nationalfeierdag 2020 stinn all déi am Mëttelpunkt, déi gehollef hunn, all déi, déi solidarisch waren. Hinne gëllt eisen onageschränkte MERCI.

Ee besonnische Merci geet un all déi, déi un der „Front“ géint de Covid-19-Virus gekämpft hunn, den Dokter an dem Gesondheetspersonal hei aus dem Land an aus der Grenzregioun an all deenen, déi am Lockdown d'Stellung hu missen halen.

Zu de Grondlagen a gemeinsame Wäerter an eiser Gesellschaft gehéiert de fräiwëlligen Engagement an duerfir merci och all deenen, déi sech fräiwëllig an éierenamtlich abruucht hunn.

D'Corona-Kris huet vill Leed hannerlooss, mee si huet awer och vill Mënschlechkeet, Kreativitéit, an Hoffnung ervirgeruff.

Och Dir, Monseigneur, zesumme mat der Grande-Duchesse, hutt an dëser schwéierer Zäit un eis Matbierger geduecht. Dir hutt och déi néideg Wierder géintiwuer de verschiddene Forces vives a Beruffsorganisatiounen fonnt, fir an dësen Zäiten zesummenzestoen an de Kapp nit hänken ze loossen.

An dëser Krisenzäit hutt Dir eis méi wéi ee Liichtbléck bruecht. Dee schéinste war sécher d'Annonce vun der Gebuert vum Prënz Charel. Mat him ass d'Kontinuitéit vun eiser Monarchie assuréiert.

Monseigneur, Dir Dammen an Dir Hären,

Den État de crise geet sengem konstitutionellen Enn entgéint. Mee d'Covid-19-Kris huet eis nach all fest am Grëff an elo wier dowéinst och europäisch Solidaritéit gefuerdert.

Mee de Virus huet och op déi Europäesch Unioun iwwergegraff. Et sinn am Ufank vun dëser Epidemie, Hals iwwer Kapp, a verschiddene Länner politesch Decisiounen geholl ginn, déi net gutt fir d'EU waren. Mir hätte gär eist grenzeloost Schengen-Europa zréck.

Mir brauche méi Europa. Eise Kompass dobäi sinn de „Green deal“, ee „White deal“ fir de Gesondheets- a Sozialberäich, a virun allem eis Fräiheeten an europäisch Grondrechter. Esou eng Kris ass eng Erausforderung fir all Demokratie. Ech si frou, datt mir et hei zu Lëtzebuerg fäerdeg bruecht hunn, och an der Politik solidaresch ze bleiwen, ouni awer datt am Parlament deen néidege kritesche Geescht verluer gaangen ass.

Datt all Deputéierten an awer och all Bierger zu all Ament oppen a fräi seng Meenung däerf an och soll soen, ass grad an enger Kris fundamental. Et ass och e Barometer vun der Qualitéit vun eiser Demokratie.

Iergendwann ass d'Covid-19-Kris e Kapitel vun der Geschicht. Am Moment gëtt nach weider un deene Säite geschriwwen a mir mussen alleguer léieren, mam Virus ze liewen. Et ass d'Eegeverantwortung, déi zielt.

Esou wéi mir alleguer och eng Responsabilitéit vis-à-vis vun dëser Éiweger Flam hunn, bei där mir haut hei stinn. Si ass do, wëll mer ni wëlle vergiessen. Si ass do, wëll mer eis ëmmer wäerten erënneren. Et ass eng kleng Flam. Mee dat, wat am meeschten zielt ass, datt se ni ausgeet. Grad esou wéineg wéi d'Flam vun eiser Demokratie.

Dat ass eis gemeinsam Responsabilitéit. D'Solidaritéit an den Asaz, déi an de leschte Méint vum Lëtzebuerger Vollek an all de Leit, déi hei am Land liewen a schaffen, bewise goufen, stärke mech an der Gewëssheet, datt dës kleng Flam éiweg wäert bleiwen.

Zesumme si mir staark. Zu Lëtzebuerg an an Europa.

Vive de Grand-Duc,
Vive den Ierfgroussherzog,
Vive de Pränz Charel,
Vive d'groussherzoglich Famill,
Vive Lëtzebuerg ... a vive Europa